N°1918
Entrée le 17.03.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Elisabeth MARGUE, Justizministesch, op d'parlamentaresch Fro n°1918 vum 10. Februar 2025 vum honorabelen Deputéierten Här Dan HARDY**

**Fro 1**

Déi follgend Tableaue liwweren d'Informatioune vun de Verwaltungsgeriichter zu der Entwécklung vun der Dauer vun de Prozeduren an de leschte 5 Joer bei der *Cour administrative* an dem *Tribunal administratif*.

***Cour administrative***

| Année judiciaire | Année civile[1] | Durée moyenne d'évacuation[2] de toutes les affaires prononcées au cours de l'année judiciaire/civile |
|---|---|---|
| | 2024 | 163,4 jours |
| | 2023 | 158 jours |
| 2022/2023 | | 153 jours |
| 2021/2022 | | 140,84 jours |
| 2020/2021 | | 182,47 jours |
| 2019/2020 | | 134,11 jours |

***Tribunal administratif***

| Année judiciaire | Délai de fixation[3] moyen |
|---|---|
| 2023/2024 | 17 à 23 mois |
| 2022/2023 | 13 à 20 mois |
| 2021/2022 | 12 à 15 mois |
| 2020/2021 | 12 mois |
| 2019/2020 | 7 à 8 mois |

Dës Zuele bezéien sech op déi normal Prozeduren, an net op déi sougenannte „procédures accélérées“, déi mussen an engem festen Delai evakuéiert ginn.

[1] *Am « Rapport relatif au fonctionnement de la Cour administrative » fir d'Joer 2023 gouf präziséiert: « Si jusqu'à l'année 2022 les rapports annuels des juridictions de l'ordre administratif étaient à établir avec effet au 15 octobre pour l'année judiciaire révolue, ce système a été délaissé suite aux modifications législatives intervenues en janvier 2023. Dorénavant, les juridictions de l'ordre administratif, à l'instar de leurs homologues de l'ordre judiciaire, sont amenés à établir leur rapport annuel, par rapport à l'année civile révolue, le premier exercice à couvrir de la sorte étant celui de l'année 2023. »* https://gouvernement.lu/dam-assets/publications/rapport-activite/minist-justice/2023-rapport-activite-mjust/rapport-activite-2023.pdf

[2] *La durée d'évacuation comprend toute la période depuis le dépôt de la requête d'appel jusqu'au prononcé de l'arrêt.*

[3] *Délai entre l'audience de fixation d'une affaire et l'audience à laquelle l'affaire est plaidée et prise en délibéré, auquel se rajoutent les délais d'instruction maximums prévus par la loi, soit, sauf abréviation ou prorogation des délais, 5 mois.*

**Fro 2**

Wéi am Punkt 3 erklåert, ass de Manktem u Riichter beim *Tribunal administratif* ee vun de Grënn fir d'Dauer vun de Prozeduren.

Dofir schafft de Justizministère un engem Gesetzesprojet, deen d'Rekrutement vu Riichter beim *ordre administratif* soll méi flexibel a méi attraktiv gestalten. D'Iddi ass eng „filière parallèle" ze schafen, déi et erlabe soll, Juristen ze rekrutéieren, déi eng gewëss Beruffserfarung am Verwaltungs- oder Steierrecht hunn.

Des Weidere schafft de Ministère op engem Gesetzesprojet, deen eng spezialiséiert Sektioun beim *Tribunal administratif* schaaft, déi sech ëm Asyl- an Immigratiounsdossiere këmmere soll, e sougenannten „Tribunal d'asile et d'immigration".

Doduerch sollen déi aktuell Chambere vum *Tribunal administratif* entlaascht an d'Dauer vun de Prozedure bei dëse Chambere reduzéiert ginn.

Doriwwer eraus soll de Gesetzesprojet dem zukünftegen „Tribunal d'asile et d'immigration" et erméiglechen, sech eng ugepassten intern Organisatioun ze ginn, fir d'Asyl- an Immigratiounsdossieren, déi oft ënnert speziell Prozedursreegele falen, méiglechst effikass ze evakuéieren.

Dës zwee Projete wäerten zäitno deposéiert ginn.

**Fro 3**

Aus den Zuelen, déi am Punkt 1 opgefouert ginn, geet ervir, datt et beim *Tribunal administratif* an de leschte Joren zu enger Verlängerung vun der Dauer vun de Prozedure komm ass.

Dofir ginn et verschidde Grënn e.a.:

- D'Komplexitéit  vun den Dossieren hëlt zou.
- Och d'Zuel vun de Recoursen, déi ënnert eng „procédure accélérée" falen, hëlt zou. Dëst huet zur Konsequenz, datt déi Recoursen, déi ënnert déi normal Prozedur falen, kënne Retard kréien, wann d'„procédures accélérées" musse virgeholl ginn.
- Och kënnt dobäi, datt den *Tribunal administratif* Schwieregkeeten huet, fir Leit ze fannen, an doduerch ënnerbesat ass. Sou sinn disponibel Riichterposten um *Tribunal administratif* aktuell net besat.

**Fro 4**

D'*Commission européenne pour l'efficacité de la Justice* (CEPEJ) vum *Conseil de l'Europe* mécht reegelméisseg Analyse vun den europäesche Geriichtssystemer.

Am *Rapport d'évaluation* vun 2024 fënnt ee Vergläichszuele vun de verschiddene Länner, ënner anerem och wat d'Dauer vun de Prozedure bei de Verwaltungsgeriichter ugeet: https://rm.coe.int/cepej-evaluation-report-part-1-en-/1680b272ac

**Fro 5**

Am Allgemengen ass d'Zil vum *Paperless Justice* Programm, fir d'Beaarbechtung vun den Dossieren um Niveau vun de Riichter a Greffen ze digitaliséieren an doduerch ze vereinfachen an ze beschleunegen. An den Zivilgeriichter gëtt ab der Rentrée judiciaire 2025 op den neie Beaarbechtungsprogramm ëmgestallt, deen eng komplett elektronesch Dateveraarbechtung erlaabt.

An de Verwaltungsgeriichter gëtt am Moment och un der Erneierung vun hirer Software geschafft. Déi soll fir 2026 fäerdeg ginn an erméiglecht och eng elektronesch Dateveraarbechtung. Dëst wäert d'Effizienz vun der Aarbecht vun de Verwaltungsgeriichter signifikativ verbesseren.

**Fro 6**

Um Verwaltungsgeriicht kënnt de Client an de meeschte Fäll net mat op d'Geriicht. Wann de Client matkënnt, kann hie bei den ëffentleche Sëtzunge mat sengem Affekot am Geriichtssall waarde bis säin Dossier un d'Rei kënnt. An Dossieren, déi vum Verwaltungsgeriicht traitéiert ginn, fënnt den éischte Kontakt tëschent dem Affekot an dem Client net réischt um Geriicht statt. Schalldicht Berodungszëmmeren am Waarderaum sinn dofir net néideg.

Lëtzebuerg, den 12. Mäerz 2025.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue